LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 4409 vum 8. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

1. **Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Mathuele vu journalisteschen Dokumenter am Kader vun enger Perquisitioun mat den Artikelen 7(3) a 7(4) vum Gesetz vum 8te Juni 2004 kompatibel ass, wann d'Journalisten net selwer Objet vun der Enquête sinn?**
2. **Wéi gëtt an der Praxis séchergestallt, dass Dokumenter oder Kommunikatiounen, déi ënnert de journalistesche Quelleschutz fale kënnen, bei enger Perquisitioun direkt identifizéiert, versigelt oder vun der weiderer Auswäertung ausgeschloss ginn?**

Den Artikel 7 vum Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert "liberté d'expression dans les médias" garantéiert de Schutz vun de journalistesche Quellen.

D'Justizautoritéiten uerdnen dofir nëmme mat gréisster Virsiicht Perquisitiounen a Saisie bei Journalisten oder Editeuren un bzw. féiere se duerch.

Ob e bestëmmt Dokument oder eng Kommunikatioun ënnert de Schutz vum Artikel 7 fält, an ob eng Saisie mat de Bestëmmunge vun den Artikele 7 an 8 kompatibel ass, kann nëmmen op Basis vun de konkreten Ëmstänn vum jeeweilege Fall beurteelt ginn. Dës Bewäertung fält an d'Kompetenz vun de Justizautoritéiten.

Generell ass et esou, datt, wann een Dokument vun den Autoritéiten als vum Quelleschutz geschützt ugesi gëtt, et aus dem Dossier ausgeschloss gëtt.

3. **Gesäit d'Regierung no dësem Fall e Besoin, fir d'Reegelen oder d'Instruktioune fir Police- a Justizautoritéiten ze präziséieren, fir de Schutz vu journalistesche Quellen och bei Perquisitiounen an Drëtt-Dossieren ze garantéieren?**

D'Regierung ass der Meenung, datt de gesetzleche Kader adequat ass. Wéi schonn an der éischter Fro ausgefouert, ass et un de Police- a Justizautoritéiten, vu Fall zu Fall an op Basis vun de konkreten Ëmstänn ze beurteelen, ob en Dokument ënnert de Schutz vum Artikel 7 vum Gesetz vum 8. Juni 2004 fält. Wann dëst de Fall ass, gesinn déi bestoend Reegelen a Prozeduren déi néideg Garantië vir.

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue